Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Ried vum Chamberpresident Claude Wiseler – Neijoerschdagsreceptioun 05.01.2026

Madamm Maréchale, Här Premierminister, Dir Dammen an Dir Hären Ambassadeuren, Dir Dammen an Dir Häre Presidente vu Lëtzebuerger a vun europäeschen Institutiounen an Organisatiounen, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus der Chamber, aus dem Europaparlament an aus der Regierung, léif Mataarbechter, intern an extern, vun der Chamber, de Generalsekretär huet schonns villes opgezielt, wat mir an de leschte Jore gemaach hunn. Dat war e schéine Programm an ech mengen och kënnen ze soen, datt mir gemeinsam villes erreecht hunn.

Dat war nëmme méiglech, well vill Leit aus der Chamber aktiv matgeschafft hunn a gedréckt hunn, datt mir géife weiderkommen. Dat war nëmme méiglech, well vill vun Iech – an d'Bureausmembere stinn hei uewen – bereet waren, déi Saache matzedroen a matzedrécken a korrekten, transparenten an iwwerparteilechen Diskussiounen. Ech sinn dofir de Membere vum Bureau extrem dankbar, datt mir gemeinsam konnten an deene leschte Joren dee Wee goen.

Dat ass net evident. Déi, déi mat an de leschte Joren aner Parlamenter besicht hunn, wëssen, datt d'Atmosphär an d'Zesummenaarbecht heiansdo ganz schwiereg sinn. Dat brénge mir awer hei, mengen ech, zesumme fäerdeg, well mir alleguer, esou wéi mir an der Chamber sinn, egal vu welcher Partei mir kommen, u gemeinsam Valeure gleewen an och un déi Valeuren, déi eis Institutioun – d'Parlament - representéiert.

Et war och eng grouss Fro vun der Akzeptanz vun den Deputéierte vun all deenen Neiegkeeten, déi mir agefouert hunn. An do muss ech och soen, datt ech extrem frou sinn, datt mir op vill Akzeptanz gestouss sinn, och wann deen een oder deen aneren sech heiansdo geiergert huet, wa mir eppes Neies agefouert hunn, well et am Ufank nach net ëmmer esou rodéiert war an heiansdo holpreg war. Mee d'Bereetschaft matzemaache war ëmmer do. An dofir sinn ech och extrem dankbar.

Mir hu villes erreecht. Mee et stinn awer nach eng ganz Rei Diskussiounen um Ordre du jour, déi wichteg si fir eist Parlament, an Aarbechten, déi mir mussen an deenen nächste Jore maachen.

Dat Éischt, dat ass, datt mir nach eng Kéier mussen iwwert d'Riedezäite kucken a schwätzen. Mir hunn eng éischt Etapp gemaach, mee ech mengen, datt mir nach net do sinn, wou mir kéinte gemeinsam sinn. Do brauche mir nach eng Diskussioun.

Och d'Modalitéiten zum Beispill vun eise Froestonnen a vun eisen Aktualitéitsstonne mussen nach eng Kéier iwwerkuckt ginn, fir se unzepassen un déi parlamentaresch Besoinen, datt se méi dynamesch an och méi interessant sinn. Dat ass eng Aarbecht, déi elo d'Reglementskommissioun amgaang ass ze maachen, mat vill Gedold. Ech soen der Madamm Tanson e spezielle Merci, well ech weess, datt si vill Aarbecht domadder huet, an ech si frou, datt déi Aarbecht gemaach gëtt.

Och d'Aféieren, vun dësem Joer un, vun de Kontrolle vun de Fraktiounsfinanze vun der Cour des comptes ass eng Neierung, déi eng Ëmstellung vun deenen engen an deenen anere brauch.

D'Weiderféiere vun eisen Diskussiounen iwwert en zukünftegen neie Statut vum Deputéierten, gekoppelt mat der Diskussioun iwwert e Cumul vun de Mandater, ass och eppes, wat mir dëst Joer musse weiderféieren.

Eng Rei Aarbechten um Walgesetz, fir dat och un d'Realitéit vun haut unzepassen, an do ass d'Institutiounskommissioun amgaang ze schaffen an och dem Laurent Zeimet villmools Merci fir déi Aarbecht, déi do geleescht gëtt. Ech mengen, et ass wichteg, datt mir och eist Walgesetz un d'Realitéit vun haut upassen.

Gemeinsam Reflexiounen iwwert d'Méiglechkeete vu Participatioun un der politescher Aarbecht wäerten och um Ordre du jour stoen.

Den Ausbau vun eiser Cellule scientifique, fir och den Deputéierten déi wëssenschaftlech Hëllef ze ginn, déi si haut brauchen, wa si u komplizéiert Froen, wéi mir se heiansdo an der Chamber traitéieren, wëllen ordentlech erugoen.

D'Weiderféiere vun den Transformatiouns- a Sécherheetsmoossnamen an der Chamber. Mir hunn elo de Rez-de-chaussée vum Haaptgebai respektiv de Printz-Richard an de Wiltheim bal ganz an der Rei oder esou wäit wéi an der Rei an elo gëtt et nach de Stack vum Sëtzungssall, vum Plenarsall ze maachen. An all Transformatioune goufe bei permanent duerchlafendem Betrib duerchgefouert, ouni datt mir ze vill Problemer haten, an do de Servicer e rise Merci.

An da parallell fir d'Deputéiert wäert elo och d'Erneierung vun eisem Informatiksystem am Sëtzungssall kommen. Mir haten déi eng oder aner kleng Pann do an dat sollt net méi virkommen, dofir muss dat och erneiert ginn.

D'Fäerdegstelle vum Visitors' Center am Gilly-Haus mam Accueil fir Visitten, Konferenzen, Pressekonferenzen.

A schlussendlech och déi éischt Resultater vun deem Stresstest, dee mir gemeinsam an Optrag ginn hunn. An da musse mir eis froen, wéi mir an Zukunft domat ëmginn.

E grousse Programm fir d'nächst Joer. Dat Ganzt leeft ënnert dem Titel „Modernisatioun vun der Chamber".

Mee d'Fro, déi do hannendrun ass, ass déi:

Firwat wëlle mir eis Chamber moderniséieren? Ass dat just eng Transformatioun, well mir wëlle méi cool oder méi modern oder méi interessant sinn?

Wat ass de Sënn vun dëse Changementer?

Also fir mech ergëtt et just Sënn, an ass et just kohärent, well et sech an e ganze Kontext aschreift.

Haut, an der Welt, wou mir liewen, gëtt d'Demokratie selwer erausgefuerdert a getest – vu bannen a vu baussen.

Ronderëm d'Welt sinn déi demokratesch Institutiounen, och déi, déi mir als gefestegt an ofgeséchert consideréiert hunn, ënner Stress geroden.

De Rhythmus vun den ëffentlechen Diskussioune gëtt méi schnell, an all Detail ass sofort ëffentlech, oft ongefiltert an oft onerkläert.

D'Wourecht ass a Competitioun mat Kaméidi, falschen Norichten a Manipulatiounsversich.

D'Vertraue gëtt ëmmer méi fragil, méi wackeleg. D'Vertrauen an d'Politik, d'Vertrauen an d'Press, d'Vertrauen an d'Institutiounen, d'Vertrauen an de Funktionnement vun eiser Gesellschaft. Jo, heiansdo och d'Vertrauen an d'Zukunft.

D'Bierger sinn ongedëlleg mat de laangen Delaien, déi d'Diskussiounen an d'Decisiounen huelen, an erwaarde schnell Äntwerten a Léisungen zu hire Froen a Problemer.

Et ass awer nach méi komplex.

Virun e puer Méint hat ech eng laang Diskussioun mat Jugendlechen, déi sech fir Politik interesséiert hunn an déi d'Chamber besicht hunn, a mir hunn am Fong zwou Saache festgestallt:

Dat Éischt, dat ass, datt si am Fong gär méi Participatioun hätten, méi Nolauschteren, méi Matsproochrecht, méi Diskussiounen.

Dat Zweet, wat si gefrot hunn, dat war, datt si gär vun eis Politiker schnell, effikass a kloer Decisioune gehat hätten, mam Argument, datt mir als Demokratie ze lues sinn an net reaktiounsfäeg genug. Verschiddener vun Iech kënnen sech un déi Diskussioun erënneren. Et war schonn eng interessant Diskussioun.

Ech mengen, datt d'Stäerkt vun enger Demokratie doranner läit, datt si et fäerdegbréngt, Gedold opzebréngen, fir nozelauschteren, ze diskutéieren an dono Decisiounen ze huelen, déi fir d'Gesellschaft, an net nëmme fir e puer Vereenzelter oder eng eenzel Grupp, positiv sinn. Si muss dat eent an dat aanert fäerdegbréngen.

Dat ass d'Stäerkt vun der representativer parlamentarescher Demokratie, un déi ech ganz staark gleewen.

Den Deputéierten hir Aarbecht ass et,

- mat de Bierger, der Zivilgesellschaft, de Sozialpartner am Kontakt ze bleiwen, nozelauschteren, ze gesinn an ze verstoen, wou Problemer a Suerge sinn, an dorobber Léisungen ze fannen;

- duerno hir representativ Funktioun kënnen auszeüben, dat heescht, am Numm vun de Leit Decisiounen ze huelen, a beschter Kenntnis vum Dossier an de Konsequenzen a mat engem fräie Gewëssen.

Et gëtt eng Zäit fir ze diskutéieren an et gëtt eng Zäit fir ze decidéieren.

An dee ganze Prozess, wann ee vertrauenswürdeg wëll sinn, muss an aller Transparenz geschéien.

All déi Chantieren, déi ech am Ufank opgezielt hunn, hunn als Zilsetzung, d'Aarbecht vun de Parlamentarier, d'Diskussiounsaarbecht, d'Decisiounsaarbecht an och nach hir Kontrollaarbecht ze erliichteren, méi effizient a méi transparent ze gestalten.

Vun de kuerze Riedezäiten, iwwer d'Iwwerdroung vu Kommissiounssëtzungen, zur Eröffnung vun engem Visitors' Center bis zum Ausbau vun der Cellule scientifique, fir datt méi mat Fakte ka geschafft ginn, alles huet déi selwecht Zilsetzung.

Mee e gutt funktionéierend Instrument, d'Chamber, geet awer als Instrument net duer. Wat d'Leit och vun eis erwaarden, ass, datt d'Parlament sech de grousse Froen an Erausfuerderunge vun haut stellt.

D'Bierger gesi jo, wat an der Welt lass ass. Si sinn oft veronséchert an erwaarde vun hire gewielte Vertrieder kloer Positiounen a kloer Aussoen. Si erwaarden dat och mat Recht.

Och déi grouss Debatten iwwert d'Changementer an der Aussepolitik an an der Weltuerdnung mussen ugeschwat ginn, gradesou wéi déi gigantesch ekonomesch Transformatiounen, déi amgaang sinn, sech ze vollzéien.

Ouni superficiel Floskelen, ouni grousssspuereg Berouegungswierder. Awer och ouni Angscht. Offen a responsabel, mat Visiounen.

Well all Choix, dee mir an Europa maachen, all Accord commercial, dee mir ëmsetzen, all Regulatioun, déi mir ëmänneren oder unhuelen, huet eng Influenz esouwuel op d'Nohaltegkeet wéi op eis Erneierungs- an Innovatiounscapacitéit. Si huet direkt Konsequenzen op eist Liewen, eis Zukunft an op déi vun eise Matbierger.

All déi Kolleeegen, déi mat mir virun e puer Wochen eng Visitt a China gemaach hunn, hu gesinn, wellech gigantesch Ëmwälzunge kuerz- a mëttelfristeg op eis zoukommen.

Dofir mussen dës Froen och am Parlament thematiséiert ginn. Ech hoffen, mir bréngen dat fäerdeg ouni Scheiklappen, ouni Schwaarz-Wäiss-Molerei a mat der capacitéit, méi wéi fënnef Joer, méi wéi just iwwert déi nächst Walen eraus ze kucken an dës Froen unzegoen.

Wann e Parlament nolauschtert an déi weesentlech Froen ugeet, gewënnt et Respekt. Wann e Parlament kloer schwätzt, da gëtt et d'Direktioun un. A wann e Parlament

ronderëm gedeelte Wäerter, un déi mir bis elo alleguer gleewen, Oppositioun a Majoritéit zesummebréngt, da festegt et d'Demokratie iwwert eis Grenze raus.

Ech wëll der Maréchale Merci soe fir hir Presenz a fir all déi Zesummenaarbecht, déi mir konnten am leschte Joer, notamment beim Trounwiessel, hunn.

Ech wëll der Regierung, de Justizautoritéiten, dem Conseil d'État, de Beruffschamberen an allen aneren Institutiounen, déi heibanne vertruede sinn,och Merci soen, éischtens datt Der hei sidd, an och fir déi Zesummenaarbecht déi mir konnte mat Iech an deem leschte Joer hunn an déi mir hoffen an iwwerzeegt sinn, och kënne weiderzeféieren.

Ech wëll och dem Generalsekretär an sengen Adjoints an alle Mataarbechter, interner oder externer, Merci soe fir déi Aarbecht, déi si gemaach hunn. Ouni si hätte mir dat alles net fäerdegbruecht an och d'Demokratie brauch si.

Ech wëll den Deputéierten an den Europadeputéierte soen, datt 2026 ganz vill Aarbecht op si waart. Mee ech mengen, datt si dat jo gär hunn.

Ech wëll och der Press soen, datt mir frou sinn, wa si iwwer d'Parlament berichten. Mir gleewen un d'Pressefräiheet a freeën eis immens iwwer all Kritik, déi vun der Press kënnt.

Je voudrais également remercier tous les Ambassadeurs et les Présidents et représentants des institutions européennes pour leur présence ici aujourd'hui. La diplomatie parlementaire devient de plus en plus importante. Vous êtes pour nous nos premiers contacts avec les pays et les institutions que vous représentez. Vous trouverez au parlement toujours une porte ouverte. Je vous remercie pour votre aide et votre disponibilité.

An ech wënschen Iech alleguer an Äre Familljen all Guddes am neie Joer, vill Gléck, eng gutt Gesondheet an eng gutt Zesummenaarbecht.

Merci.